ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

Als ee vun deene grousse Problemer am Fleegberäich gëtt de Mangel u Personal ugesin. Menges Wëssens gëtt et kee Personalschlëssel a keng kloer Virschrëften iwwer d'Personalstäerkt z.B. fir de Nuetsdéngscht an dem Secteur. Trotz aller Méi vun deem Personal dat do ass, stellt sech dowéinst dacks genuch d'Fro ob d'Leit wierklech gutt genuch versuergt ginn. Dobäi kënnt, datt vill Fleegedéngschter privat sinn an no kommerziellen Critère schaffen.

Dëss Zoustänn kënne bei eeleren a kranke Leit zu der Angscht féieren an enger Noutsituatioun net séier a net gutt genuch versuergt ze ginn, mat allem wat domat kann zësummen hänken.

An dem Kontext géif ech gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ass déi aktuell Personalsituatioun an de staatlech bezuelten oder subventionéierte Fleegdéngschter hei zu Lëtzebuerg?
2. Mengt d'Madame Gesondheetsminister, datt déi Situatioun befriddegend ass?
3. Wann net, sollt de Staat dann e Personalschlëssel virschreiwen, fir eng adequat Versuergung vun de Leit an der Fleeg kënnen ze garantéieren?

Mat deiwem Respekt

Fernand Kartheiser,

Deputeierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique